FSCL - GT jeunes réunion 02.10.2021

Rapport

Präsensen : Camille Dahm, Fränk Schleck, Suzie Godart, Claude Magar, Marco Schmit, Spautz Richard, Romain Engels

Exc. Pütz Dirk, Guy Kruchten

De GT-jeunes huet speziell de Präsident C. Dahm an dem „Coordinateur des activités sportives“ F. Schleck, begréisst. Hir Präsens gouf vum GT – jeunes als Opwäertung vum Stellewäert vir d'Aarbecht um Niveau vun den sportlechen Aktivitéiten vun de jonken Fuerer*innen verstanen.

De Präsident huet Erklärungen an Informatiounen zum Site vun der Karting Piste zu Monnerech ginn, déi iwwert eng Konventioun mam Automobille Club (ACL) an Zukunft genotzt ka ginn.

Pläng vir den Ëmbau vun der Pist si fäerdeg esou wéi de Präsident erkläert huet.

Notzung vum Site:

- um Niveau vir Coursen vir di Jonk ob engem Circuit fermé fueren ze loossen, wat den Avantage huet, dass keng Autorisatioun mussen bei den Autoritéiten ugefrot gi
- et besteet d'Méiglegkeet vir do eventuell Formatiounen ze organiséieren
- doriwwer eraus kënnen och d'Epreuven vum „Technikoofzeechen“ do organiséiert gi. Dat ass eventuell geplangt vir no der Ouschtervakanz 2022
- wéi de F. Schleck erkläert huet plangt FSCL och vir Zukunft en „Youth cup“ ab 2022, wou dann och eng eventuell eng Epreuve dovun kann ob dem Site organiséiert gi.
- ausserdeem sinn och do Trainingen méiglech

De F. Schleck huet weider Explikatiounen, Informatiounen a weider Detailer, souwäit, se bekannt sin, zu der Organisatioun vun dem geplangten „Youth Cup“ gin, wou eng Réi Coursen sollten organiséiert gi . Hei sollten de Veräiner vun der FSCL e Package vir d'Organisatioun dervun zur Verfügung gestallt kréien.

An dem Kader sinn de Richard S., Suzie G. an de Romain E. beoptragt ginn, vir mam ACL ze kucken, in wiefern si als Partner“ wéi bei de fréieren „Zak oder Yuppi's Trophy“ an enger eventuell neier zukünfteger „Sponsoring Form eventuell als „ACL – Trophy“ kéinten (mat Präisser o.ä.) intervenéieren.

An dem Kontext gouf och d'Fro diskutéiert dass d'Veräiner eventuell derzou encourageiert solle ginn, vir am Kader vun hiren Cyclo-crossen och Coursen vir Minimes a Cadets Kategorien ze organiséieren

De Präsident C. Dahm suggeréiert dass eventuell och LASEL bei esou Coursen kéinten matagebonne gi.

Et misst Méiglechkeet geschaaften ginn, vir déi Sportler*innen di keng FSCL Lizenz hunn, eng sougenannten „Dageslizenz“ ze maachen, woubäi dass dat nëmmen limitéiert ob maximal 3 Coursen sollt méiglech sinn. Duerno ass eng regulär Sportlizenz vun der FSCL noutwendeg vir kënnen un de Coursen deelzehuelen.

Technik App an Zesummenaarbecht vun der FSCL/GT-jeunes an LTAD/ Izicast ass an der Aarbecht. Hei fannt dir di läscht Versioun vun deenen Deeler vun der App, déi fäerdeg sinn:

https://we.tl/t-4Ls40EpkBH

DE-LTAD-Rahmenkonzept.pdf (public.lu)

Wann di läscht Deeler vun der App fäerdeg sinn, gëtt och eng Print-Versioun dervun gemaach. Hei sollten Kontakter mat potentiellen Sponsoren vun der FSCL opgeholl ginn, CK Kieffer oder ACL eventuell.

Traineréquipe an der FSCL ass chargéiert am Kader vun der Reorganisatioun vun der ENEPS eng eventuell weider „Kid’s Coaching“ Formatioun o.ä. vir 2022 ze plangen

ENEPS - Luxembourg (public.lu)

Luxembourg, 04.10.2021